- Et gëllt daat geschwatent Wuert –
- Seul le discours prononcé fait foi -
- Es gilt das gesprochene Wort -

**Ried vum Aussen- an Europaminister Jean Asselborn um Europadag (Schengen – Sonndeg, den 9. Mai 2021)**

Altesse Royale,

Här Präsident vun der Chamber,

Dir Damen an Dir Hären Deputéiert an Europa-Députéiert,

Här Kommissär,

Excellences,

Dir Hären Buergermeeschter,

Léif Frënn vun Europa,

Schengen ass en Dram. Et ass den Dram vun engem fräie, friddlechen, an oppenen Europa, wou all Bierger säi Gléck och op der anerer Säit vun der Grenz siche kann. Et ass en Dram dee Millioune vu Leit och ausserhalb vun Europa dreemen, déi sech eng besser Zukunft wënschen. Et ass fir eis alleguer haut eng Realitéit, déi eis dorunner erënnert wat mer an dëser Pandemie verluer hunn, a wat mer erëm hierstelle mussen, a wat mer besser beschütze mussen.

Wéi och schonn d'lescht Joer ass dësen 9. Mee, e Feierdag zu Lëtzebuerg, ma keen normalen Europa-Dag. Et ass schwéier, en Dag ze feieren, wann d'Situatioun an Europa an doriwwer eraus nach ëmmer ugespaant ass. Et ass

allerdéngs ëmsou méi wichteg, op dësem Dag un d'Idealer vum Robert Schuman a senge Matstreider ze erënneren. Och sie haten en Dram. Dee vun engem Europa, dat op enger faktescher Solidaritéit berout, wou d'Instrumenter vum läschte Weltkrich – d'Kuel an de Stol – d'Fundamenter gi vu Fridden a Prosperitéit. Hiren Dram ass haut eis Realitéit.

Eis Realitéit ass haut allerdéngs och eng aner. Dës Pandemie huet d'EU op eng schwéier Prouf gestallt. Schengen a vill aner Grenzregiounen a ganz Europa hu schwéier gelidden ënnert de Panikreaktiounen, déi sech ab März 2020 a villen europäeschen Haaptstied verbreet huet, an déi dacks Reflexer produzéiert hunn, déi weder den europäesche Geescht nach d'europäescht Gesetzgebung respektéiert hunn.

Chers amis de l'Europe,

Cette crise a mis en exergue une vulnérabilité toute particulière: celle des communautés transfrontalières. Pendant des décennies, ces communautés ont vécu l'Europe sans frontières au quotidien. On a réussi, d'un commun effort, à établir ces dernières décennies un mode de vie transfrontalier, sur les plans économique, culturel, et surtout humain. Cette situation concerne aujourd'hui à peu près 30% de la population en Europe, soit 150 millions de citoyens. Et pourtant ces citoyens ont subi l'impact de la fermeture des frontières beaucoup plus durement que d'autres. Les fermetures de frontières et les contrôles, ou les mesures avec un effet similaire, ont fondamentalement mis en question leur mode de vie, voire leur survie tout court.

Je me félicite qu'aujourd'hui, la Commission européenne et tous les Etats membres reconnaissent cette situation spécifique. La lutte contre la covid-19

est une priorité pour nous tous – or les frontières ouvertes sont un droit fondamental en Europe que nous devrons rétablir entièrement et complètement, aussitôt que possible.

De surcroît, le système Schengen est fragilisé par une cascade de réintroductions de contrôles aux frontières intérieures pour des raisons de sécurité publique, de gestion migratoire ou de contrôle sanitaire. L'exception des contrôles aux frontières intérieures risque de devenir la règle ! Nous devons normaliser le fonctionnement de l'espace Schengen, c'est-à-dire restaurer la libre circulation des personnes dans son entièreté. Pour cela il faudra miser sur une meilleure gouvernance politique et une coopération policière renforcée au sein de l'espace Schengen.

Liebe Freunde Europas,

Die Europäische Union lebt von Solidarität und gegenseitigem Vertrauen. Wir müssen uns gegenseitig vertrauen können, dass unsere gemeinsamen Werte respektiert werden, und dass unsere Rechtsprechung Grundrechte beschützt und die Normen des Binnenmarkts Anwendung finden.

Solidarität hat die EU bewiesen mit der Verabschiedung des Mehrjährigen Finanzrahmens 2021-2027 mitsamt dem Wiederaufbauinstrument. Mit mehr als 1.800 Milliarden Euro, davon 750 Milliarden Euro an Darlehen und Zuschüssen, steht Europa ein Sprungbett für die Überwindung dieser beispiellosen Krise zur Verfügung, auch auf sozialem Plan. Dieses Instrument reiht sich ein in die "Politik der kleinen Quantensprünge", die in Europa eine umweltpolitische und digitale Zeitenwende einläuten sollen.

Und um das Einhalten unserer gemeinsamen Werte zu garantieren, wird das EU-Budget von nun an neue Schutzmechanismen beinhalten. Ich begrüße diesen Ansatz und erwarte mir, dass die Kommission diese Neuerung schnellstmöglich umsetzt, so wie es gemäß den Verträgen ihr Recht und ihre Pflicht ist.

Op dësem 9. Mee kuckt Europa op seng Zukunft. D'Pandemie geheit zanter méi wéi engem Joer e grousse Schied iwwert eisen Alldag. An trotzdeem riichte sech d'Stëmme vun de Bierger net géint d'Unioun. Trotz der Tatsach datt mir et net fäerdeg bruecht hun d’Bewegungsfräiheet iwwerall oprechtzeerhaalen, hun d’Bierger gemierkt datt mir an Europa zesumme méi stark sin fir esou en historeschen Aschnëtt ze meeschteren wéi eleng. Si hu gemierkt wéi wichteg et ass zesummen Impfmëttel ze beschafen an sech géigesäiteg an der Krise bäizestoën. Si hu gemierkt datt wann mir eis net selwer hëllefen an der EU, och soss keen et mécht. Esou eng Experienz, esou wéi se och deet, schweesst zesummen. Et ass deemno och net verwonnerlech datt rezenten Ëmfroen no d'Vertrauen an d'EU an deenen läschten 10 Joer nach nie esou héich war ewéi elo.

D’Konferenz iwwert d’Zukunft vun Europa, déi haut um Europadag offiziell zu Strossbuerg lancéiert gëtt, soll d’Unioun méi no un de Birger bréngen, fir se besser ze verstoen a méi transparent ze machen. Jiddereen ass agelueden, sech aktiv ze bedeelegen fir datt d'Debatt esou breet ewéi méiglech gefouert ka ginn.

D'Zukunft läit an Ären Hänn – dat ass de Motto vun der Konferenz. An dat soll d'Konferenz och erméiglechen, fir dass mer méi staark aus dëser

Kris erauskomme – mat engem zolitte Bannemaart, sozialem Fortschrëtt, an ambitiéise Klimazieler. Zu Porto ass gëschter e wichtegen Ament gewiecht fir daat sozialt Europa. D'Demokratie muss weiderhi gestäerkt ginn. Sou encouragéieren ech all Birger, aktiv un der Zukunft vun Europa matzewierken, an hiren Iddien eng Stëmm ze ginn !

Léif Frënn vun Europa, liebe Freunde Europas, chers amis de l'Europe:

Europa ist Schengen, und Schengen ist Europa. Dieser kleine Ort an der Mosel ist ein Symbol für das Gelingen unseres gemeinsamen Projektes für Frieden und Wohlstand. So wie die Mosel in den Rhein fließt, so lebt auch Europa von einem ständigen Zufluss an Ideen und an der Bereitschaft, auch in Krisenzeiten zusammen zu stehen.

En ce 9 mai, rappelons-nous les exploits des pères fondateurs et des mères fondatrices de notre projet commun, et œuvrons ensemble pour perpétuer leur travail.

Vive l'esprit européen, vive Schengen, vive l'Europe libre et ouverte!

* *

*